Fräiwëllege Pompjee !

# Firwat net Du ?




# Fräiwëllege Pompjee !
# Firwat net Du ?

De fräiwëllegen Engagement an de Rettungsdéngschter huet hei zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun an och am Joer 2022 si 86 % vun alle Pompjeeën am Land Fräiwëlleger.

De ganz groussen Deel vun den Asazzentren (CIS) besti just aus Fräiwëllegen an dat wäert och an Zukunft weider sou bléiwen. Mee och an deene CIS'en, wou Berufspompjeeë schaffen, si fräiwëlleg Pompjeeën engagéiert an et ginn och do zousätzlech Leit gebraucht fir déi vill Missioune vum CGDIS kënnen ze erfëllen.

An dëser Broschür fann Dir Temoignagë vu Leit, déi Iech erziele wisou si de Schrëtt gemaach hunn fir fräiwëllege Pompjee ze ginn a wat si begeeschtert fir derbäi ze bleiwen. D'Membere vum CGDIS kommen aus allen Deeler vum Land, aus deene verschiddenste Beräicher vum Liewen an et kann een sech onofhängeg vu sengem Alter a Beruff engagéieren.

Engagéier och Du Dech fir déi zivil Sécherheet a maach et wéi bal 4000 Leit hei zu Lëtzebuerg:

Gëff fräiwëllege Pompjee.



**Paul Schroeder**
Chef de Corps a Generaldirekter
vum CGDIS

**Firwat net Du ?**

# René



> **Aus der Faszinatioun ass eng Passioun ginn.**

Schonn als klenge Bouf war ech begeeschtert vun de grousse roude Camionen, a well mäi Papp selwer och vill an der Jugendaarbecht bei de Pompjeeën engagéiert war, sinn ech mat 10 Joer de Jugendpompjeeë bäigetrueden.

Aus der Faszinatioun ass eng Passioun ginn, a mëttlerweil sinn ech schonns 30 Joer mat dobäi. An där Zäit hunn ech vill schéi Erliefnisser gehat mee och mol manner schéi Momenter erlieft.

Mëttlerweil sinn ech Sektiounschef an do muss een dann och mol méi schnell reagéieren an déi eng oder aner méi kniwweleg Entscheedung treffen. An esou Situatiounen ass et wichteg ze wëssen dass ee gutt forméiert Leit hannen am Camion sëtzen huet, eng Equipe op déi een sech zu jidderzäit ka verloossen an och ee fir deen aneren do ass.

Ervirzehiewen ass dat gutt Zesummespill tëschent den haaptberufflechen a de fräiwëllege Pompjeeën am CGDIS. Um Terrain mierkt ee keen Ënnerscheed. Mir funktionéieren Hand an Hand a wësse firwat mer do sinn: De Leit dobaussen an Noutsituatiounen ze hëllefen!

Ganz wichteg fir mech ass awer och d'Ausbildung vun eise jonke Memberen. Mat 6 Joer kann een de Jugendpompjeeë bäitrieden. Hei léiere Sie déi 1. Schrëtt vum Rettungswiesen a kennen hiren Hobby spéiderhin och zum Beruff maachen.

**Alter:** 40 Joer

**Familljestand:**
an enger Bezéiung

**Beruff:**
Beamten am ëffentlechen Déngscht

**Pompjee am CIS:**
Sanem-Differdange

De **Sektiounschef** huet d'Leedung iwwer ee Won mat 6 Leit Besatzung.

# Nicole



**Alter:** 49 Joer

**Familljestand:**
bestuet a Mamm
vun 2 Jugendpompjeeën

**Beruff:** Infirmière en Pédiatrie

**Pompjee a First Responder am CIS:** Roeserbann

Ech sinn 1984 an d'Jugendpompjeeën gaangen, well ech anere Leit hëllefen wollt. Haut, bal 40 Joer méi spéit, sinn ech nach ëmmer am CIS Réiserbann als Pompjee, Otemschutzdréier a First Responder aktiv.

Mäin Beruff an enger Betreiungsstruktur an der Gemeng, erlaabt mir och wärend menger Aarbechtszäit Permanence ze maachen. Besonnesch flott a motivant fannen ech déi kollegial Atmosphär am CIS, dass ech duerch d' Weiderbildung ëmmer Neies léieren an d'Zefriddenheet wann ech zesumme mat der Equipe en Asaz gemeeschtert hunn a Leit an Nout hëllefe konnt.

Wärend 25 Joer hunn ech aktiv bei a fir d'Jugendpompjeeë geschafft. Och dëst war ëmmer eng grouss Freed, fir schonn déi Klengst fir de Beruff „Pompjee" ze motivéieren.

De **First Responder** gëtt am Fall vun vitalen Urgencen vum 112 op d'Plaz geschéckt fir Zäit ze iwwerbrécken bis d'Ambulanz an/oder de SAMU op der Plaz ass.

> **Besonnesch flott a motivant fannen ech déi kollegial Atmosphär am CIS.**



# Win



**„ Mëttlerweil maachen ech reegelméisseg Garden a sinn och scho sëllegen Asätz matgefuer an hu vill nei Leit kenne geléiert.**

Op der Foire de l'étudiant hunn ech mech da méi genau informéiert, wei ech als Staater kéint fräiwëllege Pompjee ginn. Ech hunn ëmmer geduecht, dass an der Stad bei de Beruffspompjeeë keng Fräiwëlleg matfueren, mee do hat ech mech geiert.

Ech hunn dunn deen éischte Rendez-vous geholl fir de Sportstest ze maachen an e Mount drop sinn ech nach bei den Dokter gaangen, dee mech durchgecheckt huet a wou ech hu missen op de Vëlo klammen, fir ze kucken op ech fir den Otemschutz zougelooss ka ginn.

Mëttlerweil maachen ech reegelméisseg Garden a sinn och scho sëllegen Asätz matgefuer an hu vill nei Leit kenne geléiert.

Ech sinn an de CGDIS agetrueden, well ech ëmmer schonn impressionéiert vun deene roude Camione mat de bloe Luuchte war, awer virun allem well ech gäre mat mengen Hänn schaffen, villes Erliewen a vill Erfarunge sammele wëll. Dëst an enger flotter Equipe, fir Mënschen an Nout ze hëllefen.

**Alter:** 22 Joer

**Familljestand:** Célibataire

**Beruff:** Student

**Pompjee am CIS:** Luxembourg

CIS ass d'Ofkierzung vu **Centre d'Incendie et de Secours**. Et ginn 96 CIS'en an 10 GIS'en am Land.

# Lydie



**Alter:** 56 Joer

**Familljestand:** Célibataire

**Beruff:** Biologiesprofessesch

**Pompjee am CIS:** Bettembourg

**„ Als Secouristin kënnt ee mat ville Matmënschen zesummen, déi op Hëllef ugewise sinn.**



No ronn 20 Joer Fräiwëllegenaarbecht an enger ONG hunn ech mech, mat bal 50 Joer, enger neier Erausfuerderung wëlle stellen.

Ech hu mech entschloss, d' Ausbildung als fräiwëllege Pompjee fir beim CGDIS op der Ambulanz matzefueren ze maachen, och well dat an enker Relatioun mat mengem Beruff als Biologiesprofessesch steet. Ech wollt ausserdeem onbedéngt am Volontariat bleiwen, fir en Zeechen ze setze fir méi Engagement an Zesummenhalt an der Gesellschaft.

Als Secouristin kënnt ee mat ville Matmënschen zesummen, déi op Hëllef ugewise sinn. Et gëtt engem vill Satisfaktioun, wann ee Kranken oder Verletzte bäistoe kann.

Als éischt steet natierlech déi paramedezinesch Hëllef am Virdergrond. Do ginn dann all déi Moossname geholl, déi an der jeeweileger Situatioun erfuerdert sinn an déi mir als Secouristen uwende kennen. Am Noutfall musse mir och der Equipe vum SAMU assistéieren; d'Basiskenntnisser dovunner léiere mir an eiser Formatioun respektiv am Stage an op den Asätz.

A menger Ausbildung zum SAP2 hunn ech nieft theoreteschen a praktesche Coursen och e Stage am Spidol gemaach a sinn am CIS Lëtzebuerg mat 2 Praxisanleiter op der Ambulanz erausgefuer.

Eng éischt Betreiung vum Patient mat senge gesondheetleche Problemer, och am Zesummenhang mat der Famill, ass dat wat mir als Secouriste bei eisen Asätz kënne leeschten a wat dëse Volontariat esou wäertvoll mécht.

Am Laf vu senger Carrière am Domaine **'Secours à personnes'** huet een d'Méiglechkeet verschidden interessant Stagen matzemaachen.

# Däi Wee als fräiwëllege Pompjee am CGDIS

## 01. Éischte Kontakt

No engem éischte Kontakt mat engem Responsabelen aus dem CIS, gëss Du an e Gespréich invitéiert. Sou kriss Du weider nëtzlech Informatiounen iwwer deng Umeldung an de weidere Verlaf am CGDIS.

## 02. Sportstest

Fir fräiwëllege Pompjee am CGDIS ze ginn muss Du un engem Sportstest deelhuelen. Dësen Test ass eng Evaluéierung vun der kierperlecher Fitness, Du kanns also net duerchfalen. Rendez-vous iwwer den Département des pompiers volontaires.

**Tél : +352 49 771-2332 / volontariat@cgdis.lu**

## 03. Examen médical

Nom Sportstest muss Du an déi éischt medezinesch Ënnersichung. D'Ënnersichung duerch den Dokter ass gratis an Du gëss a Funktioun vun dengen zukünftegen Missiounen getest.

## 04. Cours d'initiation commun (CIC1 & CIC2)

E Cours vu 4 Deeg, deen eng allgemeng Aféierung an de Rettungsdéngscht ubitt mat ënner anerem Brandbekämpfung a Reanimatioun.

### FIS 1


**Formation Incendie Sauvetage**

E Cours vu 7 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren.

### SAP 1

**Formation Secours à personnes**

E Cours vun 5 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Equipier mat op den Asaz ze fueren.




**Weider Informatiounen kriss du ënner:**

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen Centre d'Incendie et de Secours (CIS)



# Thierry



> **Solidaritéit, Teamwork, Komerodschaft an Zesummenhalt.**

Am Alter vu 14 Joer sinn ech an d'Jugendpompjeeën agetrueden an zënter dem sinn d'Pompjeeën ee feste Bestanddeel vu mengem Liewen. Haut sinn ech Zenterchef vum CIS Lac (Stauséigemeng), wou ech mech ëm den administrativen Deel an d'Organisatioun vum Asazzenter këmmeren. Operationell sinn ech änner anerem als Peletonschef um Terrain aktiv, wat et mir erméiglecht eng spannend an interessant Ofwiesslung vum Beruffsliewen ze hunn.

A 37 Joer Pompjeeën hunn ech vill bäigeléiert, souwuel iwwert d'Geschier a d'Taktike fir d'Aarbechte beim Rettungsdéngscht, wéi och fir d'Liewen allgemeng: Solidaritéit, Teamwork, Komerodschaft an Zesummenhalt. An Übungen an Formatiounen, déi ech an eisem Zenter organiséieren, ginn ech gäre mäi Wëssen u jonk Kolleegen weider.

Ech kann nëmme jidderengem empfeelen de Schratt ze maachen a Kontakt mat de lokale Pompjeeën opzehuelen. Ech géif haut déi selwecht Decisioun direkt nach eng Kéier treffen.

**Alter:** 51 Joer

**Familljestand:** bestuet a Papp vun 2 erwuessene Kanner

**Beruff:** Versécherungsagent

**Pompjee am CIS:** Lac

De **Pelotonchef** gëtt bei gréisseren Asätz op d'Plaz geruff fir d'Koordinatioun tëscht deenen eenzelen Unitéiten ze iwwerhuelen.




CGDIS
CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS
AMBULANCE
112
DOFIR GEMAACH
Mir siche fräiwëlleg
a professionell Pompjeeën
www.112.lu
307
306
305
304

**IWWER 4000 LEIT SETZEN SECH AN HIRER FRÄIZÄIT AN: GËFF OCH DU EEN DEEL VUM CORPS**

### WANN'S DU...

- Motivatioun an Teamgeescht hues
- Bereet bass Dech ausbilden ze loossen
- Zait hues fir Dech ze engagéieren

**...DA BASS DU DEE RICHTEGE KANDIDAT!**

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

Kontakt CIS:

# Bass du un engem aussergewéinlechen Hobby interesséiert? Da gëff fräiwëllege Pompjee am CGDIS!

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

## Weider Informatiounen:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

CORPS GRAND-DUCAL
**INCENDIE & SECOURS**